

PETITION PUBLIQUE 575

D 1488

Intitulé:

Géint d'Reklassement vun de Wittfraen a Wittmänner vun der Steuerklass 2 an d'Steuerklass 1A

*

Contre le reclassement des veuves/veufs de la classe d'impôts 2 dans la classe d'impôts 1A

But :

Ofschaffung vum Reklassement vun de Wittfraen a Wittmänner vun der Steuerklass 2 an d'Steuerklass 1A an Ännerung vum jeeweilege Gesetz.

oder als Alternative :

Schaffung vun enger neier Steuerklass oder extra Abatement'en fir Wittfraen a Wittmänner. D'Besteuerung soll dem viirechte Liewensstandard ugepasst sin.

*

Abolition du reclassement des veuves/veufs de la classe d'impôts 2 dans la classe d'impôt 1A et modification de la loi respective.

ou alternativement

Création d'une nouvelle classe d'impôts ou abattements extraordinaires pour veufs / veuves. L'imposition devrait tenir compte du niveau de vie antérieur.

Motivation de l'intérêt général:

Mir hu momentan ongeféier 30.000 Wittfraen a Wittmänner hei zu Lëtzebuerg. Dës Zuel representéiert 5% vun der Populatioun vum Grand-Duché. Wann é bedenkt datt 19.32% vun den Awunner vu Lëtzebuerg iwwer 60 Joer aalsin (54% Fraen a 46% Männer - Statistiken vum 01.01.2015) an datt plus minus d'Hallschent dovunner bestuet ass, da kann én sech jo virstellen datt d'Zuel vun de Wittfraen a Wittmänner an déne nächste Joeren däitlech wäert an d'Luucht goen.

Laut dem aktuelle Lëtzebuerger Gesetz, huet den hannerbliwwene Steuerzueler d'Recht op Steuerklass 2 daat Joer wou de Liewenspartner gestuerwen ass a nach 3 Joer duerno. No dëser Iwwergangsperiod gët hien dann an d'Steuerklass 1A reklasséiert waat fir eng Persoun aus dem Mëttelstand heescht datt si +/- 300 Euro pro Mount méi Steuern bezuelen muss.

Dës Erhéijung, vun där de Staat natierlech profitéiert, huet awer ganz schlémm Auswierkungen op déi déi hire Liewenspartner verluer hun.

Studien weisen datt Wittfraen a Wittmänner vill éischter ënnert d'Aarmutsgrenz falen wéi de Rescht vun der Populatioun. Et brauch é jo net ze erwähnen a wéi engem Mooss dësen Zoustand hiert Wuelbefannen an hier Gesondheet beaflosst a bedenkt och datt hiert Gemidd schonn duerch de Verloscht vum Liewenspartner scho béis ugeschloen ass.

Nom Doud ännert sech alles am Liewen vum Hannerbliwwenen. D'Deeg si gefëllt vun Trauer a vu Péng, a fir déi, déi Dag a Nuecht, hiren doudkranke Liewenspartner versuergt hun, kënnt och nach d'Erschöpfung dobäi. D'Liewen huet säin Inhalt verluer an déi deeglech Aarbechten heefen sech well den Iwwerliewenden sech ëm alles eleng këmmere muss. Oft muss hien aus dem Haus plënnere well et ze deier gët oder well hien eleng d'Aarbecht net méi packt. Alles wat him da bleift ass déi kleng "pension de survie" fir déi de Liewenspartner säi Liewe laang geschafft huet, mais souguer déi kréien verschiddener vum Staat refuséiert. Dëst ongerecht Reklassement geet ons all eppes un well Wittfra oder Wittmann gin ass kee Choix.

Haaptsächlech déi eeler Leit hun d'Kraaft net méi sech géint dës ongerecht Erhéijung vun de Steuern ze wieren. Déi Hannerbliwwen soll é mat Respekt behandelen. Am Sënn vun der Solidaritéit soll et engem Staat seng Aufgab sindéi Leit an der Steuerklass 2 ze loossen oder

eng nei Steierklass oder extra Abatement'en fir d' Wittfraen a Wittmänner anzeféieren déi dem virrechte Liewensstandard Rechnung droen.

Kommt mir hëllefën dëser Generatioun, enger Generatioun déi e groussen Deel vun hirem Liewen fir de Wuelstand vun der aktueller Generatioun geschafft huet.

*

Aujourd'hui nous comptons environ 30.000 veuves/veufs au Luxembourg. Ce chiffre représente plus de 5% de la population du Grand-Duché. En tenant compte du fait que 19.32% des résidents au Luxembourg sont âgés de plus de 60 ans (54% femmes et 46% hommes - statistiques au 01.01.2015) et que plus ou moins la moitié d'entre eux sont mariés, le nombre de veuves/veufs va s'accroître considérablement dans les années à venir.

Selon la loi luxembourgeoise en vigueur, le contribuable veuf a droit à la classe d'impôt 2 pendant les 3 années d'imposition qui suivent le décès du conjoint. Passé ce délai le contribuable veuf est reclassé dans la classe d'impôt 1A ce qui implique une majoration de paiement d'impôts de +/- 300 euros par mois pour une personne de la classe moyenne.

Cette majoration d'impôt, sûrement bénéfique pour l'Etat, a pourtant des effets **néfastes pour** ceux qui ont perdu leur conjoint.

Des études démontrent que les veuves/veufs tombent plus souvent sous le seuil de la pauvreté que le reste de la population. Il va sans dire que cet état de choses influe de manière considérable leur sentiment de bien-être, ainsi que leur santé, déjà minimisés par la perte du conjoint.

Après le décès tout change dans la vie du survivant. Il y a le deuil, la souffrance et puis l'épuisement pour ceux qui, pendant jour et nuit, ont soigné leur conjoint atteint d'une maladie incurable. Un vide s'installe, les travaux journaliers s'accumulent. Après le décès, le survivant a tout à sa charge. Souvent un déménagement s'impose, car la maison devient trop chère ou trop difficile à gérer tout seul. Le survivant peut-être sans emploi et souvent âgé risque de ne plus trouver de travail qui lui aiderait à mieux gérer sa situation financière. Tout ce qui lui reste sera donc la petite pension de survie pour laquelle le conjoint a travaillé toute sa vie, pension que l'Etat refuse même de payer dans certains cas.

Ce reclassement injuste nous concerne tous, car devenir veuves ou veufs n'est pas un choix.

Surtout les personnes âgées n'ont plus la force de se défendre contre cette injuste majoration d'impôt. Nous devons le respect aux gens qui perdent leur conjoint. Dans l'esprit d'un Etat solidaire, l'Etat a le devoir de les maintenir dans la classe d'impôts 2 ou bien de créer une nouvelle classe d'impôts ou des abattements extraordinaires pour veufs / veuves qui tiennent compte de leur niveau de vie antérieur.

Aidons cette génération, une génération qui a consacré une grande partie de sa vie à accroître la prospérité de la génération actuelle.

Dépôt : 26.10.2015 à 16.42

Pétitionnaire : Viviane Hansen-Adams

7, rue des Fleurs

L-7681 Waldbillig